

# ROADMAP #DIGITAL\_LÉIEREN

VERSION FIR SCHÜLER\*INNEN



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Éducation nationale,  
de l'Enfance et de la Jeunesse

# Eng Roadmap fir #digital\_Léieren

D'Welt an domat och d'Welt vun der Education befénnt sech zanter Mäerz 2020 an enger Ausnamesituatioun. De Lockdown am Fréijoer 2020 huet gewisen, wéi schwéier et ass, eng Pandemie-Situatioun ze meeschteren, ouni datt d'Education vun de Kanner a Jugendlechen dorënner leit. Distanz an digital Hëllefsmëttele sinn dobäi wichteg, fir sanitär Krisen an de Grëff ze kréien. Mee wann et ëm d'Léiere geet, kann d'Doheem d'Schoul net ersetzen an den digitalen Apparat net Är Enseignanteën an Enseignanten. Et muss ee probéieren, sech ze fokusséieren an ze verstoen, datt dës Zäit keng verlure soll sinn an datt Dir esou gutt wéi méiglech an de Cours sollt agebonne ginn.

Mir zéien all un engem Strang, fir datt Dir Äert Joer packt an Ären Ofschloss erreecht. Am digitale Léiere stitt Dir am Mëttelpunkt. Dir sidd och gefuerdert, Ären Deel zum Gelénge vum Cours bäizedroen!

Léieren iwwer Distanz erfuerdert nieft dem „Dosinn“ an dem Funktionéiere vun der Technik vill Eegeverantwortung; vun Ärer Enseignante/Ärem Enseignant awer virun allem och vun lech. Digitalen Unterricht funktionéiert anescht wéi Presenzunterricht, well d'Kommunikatioun eng aner ass an nei Kollaboratiounsméiglechkeeten entstinn. An net ze vergiessen: Och d'Wuelbefannen an d'mental Gesondheet vun lech an Äre KlassekomerodInnen an der Ausnamesituatioun mussen am Bléck bleiwen. Dofir hei direkt en Appell un lech: Wann an der Klass vläicht méi séier un d'Liicht kënnt, wann et engem vun lech net gutt geet, esou ass dat iwwer Distanz ëm e Villfaches méi schwéier. Wann Dir mierkt, datt et lech net gutt geet oder engem vun Äre KollegeInnen, da mell et direkt, fir datt gehollef ka ginn.


Och wann Dir elo net méi permanent an engem Klassesall virun Äre Léierpersounen sëtzt, esou bedeit dat net, datt dës Form vun Unterricht keng gesetzlech Basis huet, respektiv net ganz bestëmmte Reegelen ënnerläit. Et ass wichteg, datt gekläert ass, wat Är Rechter, awer och wat Är Flichte sinn, an ëmsou wichteg ass et, datt Dir lech dorun haalt. Dës Roadmap weist déi wichtegst Etappe fir d'Ëmstelle vum Unterricht a bitt eng Checklist, déi déi wichtegst Froen opwërft.



- ✓ KENNE ECH DE GEWIELTEN UNTERRECHTSMODELL?
- ✓ SPIEREN ECH MECH PRETT?
- ✓ HUNN ECH DÉI NÉIDEG TECHNESCH VIRAUSSETZUNGEN?
- ✓ GËTT ET KLOER REEGELEN?
- ✓ KENNE ECH DÉI NÉIDEG DIGITAL METHODEN A MATERIALIEN?



# KENNE ECH DE GEWIELTEN UNTERRECHTSMODELL?



Är Schouldirektioun huet e Schoulmodell mat Richtlinne konzipéiert, dee fir alleguer d'Léierpersounen, d'Klassen an domat och all Schülerin a Schüler kloer a verbindlech ass.

- Gouf mat lech iwwer all dës nei Ännerunge geschwat a wësst Dir Bescheed, wéi déi nächst Wochen oflafen?
- Krut Dir vun Ärem Regent/Ärer Regente resp. vun Äre Proffen eng Informatioun mat wéi enge Kommunikatiounsmëttelen an Zukunft geschafft gëtt wéi z. B. Teams, Office 365?

**DENKT DRUN:** Dëst ass eng Ausnahmesituatioun an et ass méi wéi verständlech, wann lech net direkt alles kloer ass. Riicht lech un Äre Léierpersounen an un Äre Regente/Äre Regent, falls Dir eppes net verstane hutt.

- Stitt Dir mat Äre KlassekameradInnen an enkem Austausch, esou datt wierklech jiddweree weess, wéi de Plang ass, fir en onkomplizéiert Léieren ze erméiglechen?

## SPIEREN ECH MECH PRETT?



Léieren op Distanz bréngt nei Kommunikatiouns- a Kollaboratiounsformen an domat nei Erausforderungen a Perspektive mat sech. Sech prett a wuel ze spieren, ass dobäi ganz entscheidend fir den Erfolleg.

- Hutt Dir en Iwwerbléck iwwer déi Coursen, déi elo vun Äre Léierpersounen ganz oder zum Deel digital ofgehalen ginn?
- Wësst Dir, wéi eng Erausforderungen op lech duerkommen, fir datt Dir trotz Distanz kënnt aktiv um Cours deelhuelen?
- Spiert Dir lech mental prett, fir ouni d'Presenz vun Äre MatschülerInnen an Ären Enseignante(ë) awer fokusséiert ze bleiwen an den Distant Learning als nei Schoulrealitéit wuerzehuelen, respektiv déi verlaangten Uspréich un lech ze erfëllen?

**DENKT DRUN:** Dëst ass eng wichteg Ëmstellung vum Schoulalltag, déi net ënnerschat dierf ginn. Normalerweis sëtzt een an der Klass zesummen, kann de Bänknoper eppes froen, no der Stonn sech austauschen oder direkt am Cours Saachen nofroen. Dës Méiglechkeete bestinn elo och nach, eebe just mat enger raimlecher Trennung. Bleift verbonnen – ënnereneen als Klass, awer och mat Äre Proffen.

## HUNN ECH DÉI NÉIDEG TECHNESCH VIRAUSSATZUNGEN?

Léierformater op Distanz setze viraus, datt d'Technik do ass a leeft. An datt ee weess, wat méiglech ass.

- Ass Ären Tablet oder en aneren Device esou konfiguréiert, fir de Streaming vun Äre Proffen ze empfangen?
- Ass de Wifi bei lech doheem esou konfiguréiert, datt Dir ouni Geruckels de Cours kënnt suivéieren?
- Sinn Äre Tablets mat Kamera a Mikro ausgestatt?
- Kennt Dir lech aus mat de gängige Programmer, wéi z. B. dem Microsoft Teams, fir de ganzen Input vun Äre Proffen ze fannen an ze bearbechten?

**DENKT DRUN:** Och wann Dir lech an dëser digitaler Welt auskennt, ginn an der Educatioun deelweis ganz bestëmmte Programmer benotzt, mat ganz bestëmmte Configuratiounen. Verséichert lech nach eng Kéier, datt Dir Ären Device „professionell“ kënnt benotzen, datt alles an der Rei ass mat Ärem IAM-Account an datt Dir all Programmer kennt, fir um Cours kënnen deelzehuelen.

# GËTT ET KLOER REEGELEN?



Eng Zesummenaarbecht am Klasesall a Presenz vu SchülerInnen a Léierpersounen huet ëmmer kloer Reegelen, déi all Schoul resp. Léierpersoun lokal festleet. Wa keng gemeinsam raimlech Präsenz besteet, ass dëst ëmsou méi wichteg.

- Gouft Dir vun Ärem Regent resp. Ärer Regente opgekläert, wéini an ënner wéi enger Form den Online-Cours stattfënnt?
- Ass mat Äre Proffe gekläert, wéi d'Astellung vum der Kamera a vum Mikro solle sinn a wéi Dir lech bei Nofroen aktiv an de Cours aschalt sollt?
- Krut Dir matgedeelt, wéi Dir lech baussent der Schoulzäit verhält sollt, wann Dir Froen iwwer de Cours hutt?
- Krut Dir matgedeelt, wéini Dir Äre Proffe kënnt kontaktéieren a wéini allgemeng eng Offline-Zäit virgesinn ass?

**DENKT DRUN:** Fir lech wéi och fir Äre Proffe bedeit Online-Cours net, datt Dir a si permanent musst errechbar sinn. Et gëtt Zäite vu Connectéiert-Sinn, awer genee esou wichteg sinn d'Zäite vum Deconnectéiert-Sinn. Auszäite si wichteg, fir de Kapp fräi ze kréien. Huet lech déi Auszäiten a respektéiert déi och bei Ären Enseignante(ë)n.

# KENNE ECH DÉI NÉIDEG DIGITAL METHODEN A MATERIALIEN?



Léieren op Distanz ka villfältig sinn an Applikatiounen gëtt et dausenderlee. Äre Proffen hunn e Choix vun Apps gemaach, déi am beschten zu hirem Cours passen an déi lech déi néideg Wëssensinhalte solle vermëttelen.

- Krut Dir matgedeelt, wéi eng digital Applikatiounen Dir op Ärem Device fir den Distant Learning sollt installéieren?
- Hutt Dir gekuckt, ob dës Applikatiounen och wierklech all op Ärem Device lafen oder ob Dir deemno wéi eng Lizenz braucht?
- Schafft Dir deemno wéi privat oder an der Nohëlle mat aneren Applikatiounen, déi an dësem Fall vläicht interessant fir Äre Proff kéinte sinn an déi Dir him kéint virstellen?

**DENKT DRUN:** Och wann elo vläicht Ären Device eng nach méi zentral Roll spillt wéi an der Klass, Ären Enseignant/Äre Enseignante bleift nach ëmmer verantwortlech fir Äre Cours an ass nach ëmmer do, fir lech ze hëllefen an zesumme mat lech d'Léierinhalte ze thematiséieren. Bleift mat hinnen a Kontakt a veriert lech net am digitalen Dschungel.

# KENNEN ECH DÉI NÉIDEG HËLLEFSORGANER?

D'Recht op Educatioun fir all d'SchülerInne steet am Mëttelpunkt, och a Krisenzäiten. Et muss séchergestallt sinn, datt jiddweree participéiere kann. Dës exzeptionell Zäit gräift eis alleguernten awer och kierperlech a séilesch un. An et stelle sech vill weider Froen!



## ÄNTWERTE FANNT DIR OP...

Froen zur Covid-19-Kris  
[www.covid19.lu](http://www.covid19.lu)

Froe vun Elteren a SchülerInnen  
[www.schouldoheem.lu](http://www.schouldoheem.lu)

Froen zu schoulescher a  
psychologescher Hëllef

Helpline: 80029090  
[www.men.lu](http://www.men.lu)

Froen zu den Apparater  
CGIE Helpdesk: 247- 85999  
Email: [helpdesk@cgie.lu](mailto:helpdesk@cgie.lu)

Froen zum digitale Léieren  
[www.roadmap.lu](http://www.roadmap.lu)  
[www.ifen.lu](http://www.ifen.lu)

[www.roadmap.lu](http://www.roadmap.lu)



SCRIPT

einfach | digital

Zukunftskompetenze  
fir staark Kanner